



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Enseignement supérieur  
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro Nr. 5935 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften op der Universitét Lëtzebuerg**

De beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften op der Universitét Lëtzebuerg, deen den honorabelen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro thematiséiert, war schonn de Sujet vun der parlamentarescher Fro Nr. 5820 vum 25. Februar 2022 vun der Deputéierter Simone Asselborn-Bintz, déi de 24. Mäerz 2022 ausféierlech beäntwert gouf.

Et sief nach eng Kéier preziséiert, dass de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften an de reguläre Bachelorprogramm integréiert gouf an domat alle Studenten en uniformiséierten, iwverschaffte Contenu ubitt. Et ass och wichteg ze betounen, dass d'Studenten, déi an deem Beräich berufflech aktiv sinn, d'Méiglechkeet behalen, hir berufflech Erfahrung unerkennen ze loossen, an dat elo esouguer bis zu 90 ECTS, wat et hinnen nach ëmmer erméiglecht, de Programm am Prinzip an zwee Studiejoer ze suivéieren. D'Studente kënnen och eng Rei Coursen online suivéieren, wat hinnen eng gewësse Flexibilitéit bei der Organisatioun bitt.

D'Universitét Lëtzebuerg kann d'Aussoe vun der Salariatskummer, dass de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften net adaptéiert wier fir berufflech aktiv Studenten, net guttheeschen. Si wéilt nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Responsabilitéit fir de Curriculum, den Inhalt an d'Qualitéitssécherung vun dem Bachelor bei der Universitét läit.

D'Universitét Lëtzebuerg an d'Salariatskummer si bei verschiddene Formatioune säit laangem Partner, an dese Partenariat ass mam beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften net a Fro gestallt. D'Universitét Lëtzebuerg wäert weiderhin den Dialog mat der Salariatskummer sichen. An deem Kontext sinn informell Reuniounen an den nächste Woche virgesinn.

Lëtzebuerg, de 6. Abrëll 2022

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch